



## **Rapport Referees' Commission - 03.01.2022**

Present : Frieden, Geib, Keiffer, Kröpelin, Nesser, Simonelli, Weinzierl, Weber (video)

Entschëllegt : Courtois, Frieseisen, Volz

- 1) **Adoptioun vum Rapport Referees' Commission vum 23.11.2021.**
- 2) **Neien Delegué.**  
*D'RefCom deelt mat, dass de Francis Keiffer déi lescht Méint de prakteschen Deel vum Delegué ofgeschloss huet an ab elo och als Delegué op Matcher agesat gött.*
- 3) **Fräi Posten an der RefCom :**  
*An der leschter Versammlung hunn d'Arbitter ënner 3 Kandidaten hire Verrieder fir de fräie Posten an der RefCom gewielt. Mat iwwer 50% vun de Stëmme, ass de Jérôme Volz gewielt ginn, den ab elo d'Interessi vun den Arbitter an der RefCom vertritt. De fräi Posten als Verrieder vun den Delegué gött vum Francis Keiffer besat.*
- 4) **Accueil DEL + REF / EURO 2024**  
*De Georges Frieden an de Francis Keiffer hunn sech Bereet erkläert, d'Arbitter an den Delegué vum 19. bis den 21. Januar 2022 ze betreien.*
- 5) **Cours fir C-Arbitter (nei Arbitter)**  
*RefCom freet d'Clubb bei hire Membere Reklamm ze maache fir den neien Arbitter C-Cours de vum 11. bis 13. Februar 2022 um INS organiséiert gött. D'Informatiounen wou een sech umelle kann kommen nach no.*
- 6) **Formation continue :**  
*Déi nächst Formatioun fir ALL Arbitter ass den 28.01.2022 vun 19h30-21h30 zu Stroossen an der Maison des Sports.*
- 7) **Delegué :**  
*D'RefCom ass nach ëmmer op der Sich no Interesséierter fir Delegué ze ginn. Wann dir Leit kennt, da sollen déi sech w.e.g. bei [refcom@flh.lu](mailto:refcom@flh.lu) mellen.*

Nächst RefCom Dënschden den 22. Februar 2022 um 18h30 zu Stroossen